Naturpark Mëllerdall Geopark




© NGPM/Caroline Martin

# EISEN NATUR- & GEOPARK!

## FIR JIDDEREEN EPPES DOBÄI…

September 2022 - Juli 2023

UNESCO

unesco Global Geopark

Naturpark Mëllerdall Geopark



## Mount vum Bongert
## Mëtt September – Mëtt Oktober

Feiert zesumme mam Natur- & Geopark Mëllerdall déi fir d'Regioun esou wichteg Bongerten. Erlieft d'Bongerten op eng villfälteg Aart a Weis, souwuel vun hirer ökologescher wéi och kulinarescher Säit.



© NGPM/Caroline Martin, Anne Lommel

Op eiser Websäit fannt dir weider Informatiounen zum Mount vum Bongert an an allen ugebuedenen Aktivitéiten:

unesco Global Geopark

# Wëllkomm am Natur- & Geopark Mëllerdall

Säit Abréll 2022 ass den Natur- & Geopark Mëllerdall als UNESCO Global Geopark unerkannt. Dësen Titel deelt eis Regioun mat 176 anere Geoparken uechter d'ganz Welt, déi sech och alleguer duerch hire besonnesche geologeschen, natierlechen, kulturellen an immateri-elle Patrimoine an eng nohalteg Regionalentwécklung auszeechnen. Fir eist lerwe fir jiddereen erliefbar ze maachen, bidde mir an dëser Broschür eng sëllegen Aktivitéiten aus ganz ënnerschiddleche Beräicher un. Mir wënsche vill Freed beim Entdecken a Matmaachen!

**Bleift um Courant op folgende Säiten:**

www.naturpark-mellerdall.lu/events
www.naturpark.lu/events
www.facebook.com/naturparkmellerdall

**Umeldunge w.e.g. un:**

T +352 26 87 82 91
oder info@naturpark-mellerdall.lu

Wann dir iech umellt kritt dir weider Detailer iwwer déi jeeweileg Aktivitéit. Et gëllen déi aktuell Restriktiounen am Kader vun der Pandemie. Wann d'Wieder schlecht ass oder mir net genuch Umeldungen hunn, kann et sinn, dass emol eng Aktivitéit muss ofgesot ginn.

Merci fir äert Versteesdemech!

| | | |
|---|---|---|
| **15.9-15.10. 2022** | **Mount vum Bongert**<br>an der ganzer Regioun | S. 6 |
| **22.9.2022**<br>17:00-20:00 | **Mount vum Bongert: Uebst & Geméis konservéieren**<br>Hemstel | S. 7<br>10 € |
| **23.9.-2.10. 2022** | **Journées du Patrimoine 2022** | S. 7 |
| **24.-25.9.2022** | **Wanderweekend an der Fiels**<br>Fiels | S. 7<br>87 € |
| **1.10.2022**<br>14:00-18:00 | **Champignonstour**<br>Mompech | S. 8<br>10 € |
| **8.10.2022**<br>9:00-13:00 | **Dréchemaueren op der Hëlt**<br>Rouspert | S. 8<br>5 € |
| **8.10.2022**<br>9:00-17:00 | **Sandarium & Lesesteinhaufen**<br>Beefort | S. 9<br>10 € |
| **15.10.2022**<br>14:00-18:00 | **International Day for Disaster Risk Reduction**<br>Beefort | S. 9<br>gratis |
| **15.10.2022**<br>10:30-15:30 | **Hierschtkichen aus dem Gaart**<br>Giischterklaus | S. 9<br>290 € |
| **16.10.2022**<br>14:00-17:00 | **Geoheritage Day**<br>Rouspert | S. 10<br>gratis |
| **29.10.2022**<br>9:00-16:00 | **Insektefrëndlech Gaardegestaltung: Wëllstauden**<br>Beefort | S. 10<br>10 € |
| **12.11.2022**<br>9:00-13:00 | **Dréchemauere bei der Haupeschbaach**<br>Beefort | S. 10<br>5 € |
| **18.11.2022**<br>18:00-21:00 | **Kränz bannen**<br>Giischterklaus | S. 10<br>194 € |
| **19.11.2022**<br>10:00-13:00 | **Kränz bannen**<br>Giischterklaus | S. 10<br>194 € |
| **19.11.2022**<br>10:00-13:00 | **Drénkwaasserwanderung**<br>Noumer | S. 11<br>5 € |
| **10.12.2022**<br>9:00-13:00 | **Dréchemaueren an der Fiels**<br>Fiels | S. 8<br>5 € |
| **7.1.2023**<br>13:30-17:00 | **Vum Lieder zum Rimm / zum Portmonni**<br>Hierber | S. 11<br>75 € |
| **14.1.2023**<br>13:30-17:00 | **Vum Lieder zum Rimm / zum Portmonni**<br>Hierber | S. 11<br>75 € |
| **14.1.2023**<br>9:00-13:00 | **Dréchemaueren an der Carrière**<br>Dillingen | S. 8<br>5 € |
| **21.1.2023**<br>9:00-16:00 | **Vum Bam zum Briet**<br>Beefort & Manternach | S. 11<br>5 € |
| **21.-22.1.2023**<br>9:00-16:00 | **Kierfméchercours**<br>Hemstel | S. 14<br>135 € |
| **11.2.2023**<br>9:00-13:00 | **Dréchemaueren op der Hëlt**<br>Rouspert | S. 8<br>5 € |
| **17.2.2023**<br>18:30-21:30 | **Praffcours**<br>Bäertrëf | S. 14<br>20 € |
| **18.2.2023**<br>14:00-17:00 | **Wëllbeien hëllefen: Insektenhotel**<br>Beefort | S. 14<br>10 € |

| | | |
|---|---|---|
| **18.2.2023**<br>10:00-17:00 | **Prehistoresch Artefakten**<br>Waldbëlleg | S. 15<br>gratis |
| **18.2.2023**<br>13:30-17:00 | **Uebstbamschnëtt: al Beem**<br>Bech | S. 15<br>5 € |
| **Ab März 2023** | **Naturcoach & Kräuterpädagoge** | S. 15 |
| **4.3.2023**<br>8:30-16:30 | **Motorseecours**<br>Marscherwald | S. 16<br>75 € |
| **11.3.2023** | **Somefestival**<br>Beefort | S. 16<br>gratis |
| **11.3.2023**<br>9:00-13:00 | **Dréchemauere bei der Haupeschbaach**<br>Beefort | S. 8<br>5 € |
| **18.3.2023**<br>9:00-12:00 | **Uebstbamschnëtt: jonk Beem**<br>Schrondweiler | S. 16<br>5 € |
| **1.4.2023**<br>13:00-17:00 | **Insektefrëndlech Gaardegestaltung: Wëllblummewiss**<br>Beefort | S. 17<br>10 € |
| **8.4.2023**<br>9:00-13:00 | **Dréchemaueren an der Fiels**<br>Fiels | S. 8<br>5 € |
| **22.4.2023**<br>14:00-15:30 | **Geologesch Rollstullwanderung**<br>Bäertrëf | S. 17<br>5 € |
| **23.4.2023**<br>14:00-17:30 | **Drénkwaasserwanderung**<br>Mëllerdall | S. 17<br>5 € |
| **28.4.2023**<br>19:00-21:30 | **Dréppendegustatioun**<br>Angelsbierg | S. 18<br>42 € |
| **29.4.2023**<br>14:00-16:30 | **Kraiderwanderung & Verköstegung**<br>Beefort | S. 18<br>30 € – Kanner bis 12 Joer gratis |
| **13.5.2023**<br>9:00-13:00 | **Dréchemaueren an der Carrière**<br>Dillingen | S. 8<br>5 € |
| **13.5.2023**<br>10:00-13:00 | **Iesel- & Gierschwanderung**<br>Beefort | S. 18<br>20 €/Kand – 40 €/Erwuessenen |
| **13.5.2023**<br>14:00-16:30 | **Barrierefräi Kraiderwanderung & Verköstegung**<br>Iechternach | S. 19<br>30 € – Begleetpersoun gratis |
| **14.5.2023**<br>13:30-16:30 | **Fréijoers-Téizäit fir Mammen an Duechteren**<br>Giischterklaus | S. 19<br>194 € |
| **22.-28.5.2023** | **Woch vum Natur- & Geopark Mëllerdall**<br>an der ganzer Regioun | S. 19 |
| **4.6.2023**<br>15:00-17:00 | **Wäindegustatioun am Wéngert**<br>Rouspert | S. 20<br>5 € |
| **10.6.2023**<br>14:00-17:00 | **Kraiderwanderung & Kraideresseg**<br>Beefort | S. 20<br>35 € |
| **10.6.2023**<br>9:00-13:00 | **Dréchemaueren op der Hëlt**<br>Rouspert | S. 8<br>5 € |
| **24.6.2023**<br>15:00-23:00 | **Mittsommer am Hazelnut House**<br>Giischterklaus | S. 20<br>349 € |
| **12.7.2023**<br>14:00-16:00 | **Uebstbamschnëtt: Spaléierbeem**<br>Angelsbierg | S. 21<br>5 € |
| **15.7.2023**<br>17:30-22:30 | **kulinaresche Summerowend**<br>Giischterklaus | S. 21<br>290 € |

| | | |
|---|---|---|
| **16.10.2023**<br>9:30-13:00 | **Fir Kanner: Naturrallye op der Hëlt**<br>Rouspert | **S. 22**<br>5 € |
| **3.2.2023**<br>18:00-20:00 | **Fir Kanner: Liichten am Bësch**<br>Marscherwald | **S. 22**<br>5 € |
| **27.5.2023**<br>14:00-17:30 | **Fir Kanner: Naturrallye an der Haupeschbaach**<br>Beefort | **S. 22**<br>5 € |
| | **Wiefcoursen** | 150 € (op Ufro) |
| Weider Coursen | Kulturhaff Millermoler | Infos: www.kumimo.lu |
| Weider Coursen | Berdorfer Eck | Infos: www.berdorfer-eck.lu |
| Weider Coursen | lëtzebuerger Jugendherbergen | Infos: www.youthhostels.lu |
| Weider Coursen | regionalen Tourismusverband Regioun Mëllerdall (ORT MPSL) | Infos: www.mullerthal.lu |
| Weider Coursen | Aquatower | Infos: www.aquatower-berdorf.lu |
| Weider Coursen | Generatiounsgaart Beefort | Infos: www.facebook.com/ GeneratiounsgaartBeefort |

LU DE FR EN = Sprooch vum Cours

♿ = barrierefräi

## MËTT SEPTEMBER BIS MËTT OKTOBER 2022 - MOUNT VUM BONGERT







© NGPM/ Caroline Martin

D'Bongerte sinn en essentielle Bestanddeel vun der Regioun vum Natur- & Geopark Mëllerdall. Si definéieren eis Kulturlandschaft a sinn en immens wichtege Liewensraum fir eng ganz Rëtsch Déieren a Planzen.

Den Natur- & Geopark setzt sech fir d'Erhalen an d'Neiplanze vun dësen aarteräiche Biotopen an a wëll ee Mount am Hierscht notzen, fir de Liewensraum Bongert esou richteg ze feieren.

Wärend dësem Mount vum Bongert ginn och erëm eenzel Aktivitéite ronderëm d'Thema Bongerten ugebueden. Ausserdeem informéiert den Natur- & Geopark iwwer traditionell Quetschen- a Vizfester, déi och an dësem Zäitraum stattfannen.

All d'Aktioune fannt Dir op eisem Internetsite.

## Mount vum Bongert: Uebst & Geméis konservéieren

Den Hierscht ass am Gaart an am Bongert d'Zäit vum Iwwerfloss. Wann een awer och am Wanter nach eppes dovunner wëll hunn, da muss ee léiere, wéi ee seng Recolte haltbar mécht. D'Stefania Filice vu microtarians weist iech wéi een Uebst a Geméis fermentéiert, salzt, dréchent an aner Methode fir dass dir méiglechst laang dovu profitéiere kënnt!



© NGPM/Caroline Martin

**22.9.2022** 17:00-20:00
**Hemstel** 10 €

LU DE ♿

## Journées du Patrimoine 2022

Enn September ginn a ganz Europa d'Journées du Patrimoine organiséiert an eis Regioun ass och dobäi! Dëst Joer ass d'Thema „Patrimoine an nohalteg Entwécklung" an huet domadder d'Zil ze weise wéi eise Patrimoine an nohalteg Entwécklung ënnert en Hutt passen: dat geet vun nohaltegem Tourismus, iwwer al Renovéierungstechnike bis bei alt Handwierk wat et erëm ze entdecke gëtt.



© Beaufort Castles

**23.9.-2.10.2022** **Dir fannt wieder Informatiounen op:** www.journeesdupatrimoine.lu

## Wanderweekend an der Fiels

D'Fielser Jugendherberg an d'Carlo Hemmer Stëftung lueden Iech op d'Spure vum Carlo Hemmer an! Am Präiss enthal si geféiert Wanderungen (2 Dagesetappe vun 20-25 km), eng Iwwernuechtung (Duebelzëmmer) mat Kaffi, een Owesiessen an zwee Picknick-Päck.



© NGPM/Christiane Francisco

**Opgepasst: Wandererfahrung op längeren Distanzen ass noutwenneg!**

**24.-25.9.2022** 87 €
**Fiels** ab 18 Joer
**matbréngen: Wander- oder Trailrunningschong**

**Umeldungen:** +352 26 27 66 200 oder animation@youthhostels.lu

## Champignonstour

Op dëser Wanderung gitt dir zesumme mam Champignonsexpert Norbert Valmorbida a mam Fierschter Tom Giefer op d'Sich no lesschampignonen. Duerno gëtt et eng kleng Stäerkung – natierlech mat Champignonen zoubereet!


© NGPM/Anna Voelske

**1.10.2022**
**Mompech**

14:00-18:00
10 €
**matbréngen: Kuerf, Messer**

LU

## Sandarium & Lesesteinhaufen

Net alle Wëllbeien ass mat engem Insektenhotel gehollef. 50% vun den Aarten nisten a Buedemstrukturen. Zesumme mat iech schafe mir a Form vun engem Sandarium an engem Lesesteinhaufen Nistmeiglechkeete vun deene vill Aarte profitéiere kennen.


© Pixabay


**8.10.2022**
**Beefort**

9:00-17:00
10 €
**matbréngen: fest Schong oder Sécherheetsschong, Picknick**

LU DE

## Dréchemaueren am Natur- & Geopark

Vun Oktober bis Juni fannen an der Regioun reegelméisseg Féierunge laanscht eis Dréchemauere statt. Bei dëse Féierunge gitt dir alles iwwer d'Geschicht an d'Geheimnisser vun dëser uraler Technik gewuer. Dobäi gëtt et och nach Tipps wéi een esou eng Mauer erhale kann.


© Marc Diederich

**8.10.2022**
**11.2.2023**
**10.6.2023**
**Rouspert Hëlt**

**12.11.2022**
**11.3.2023**
**Beefort**
**Haupeschbaach**

**10.12.2022**
**8.4.2023**
**Fiels**

**14.1.2023**
**13.5.2023**
**Dillingen Carrière**

9:00-13:00
5 €
**matbréngen: fest Schong, Secateur, Händschen, Snack**

LU DE FR EN



© NGPM/Caroline Martin

## International Day for Disaster Risk Reduction

D'Waasser vun de Baachen huet schonn ëmmer d'Däller an eis ganz Landschaft geformt. Op eisem interaktive Modell kann een déi entsprechend Prozesser gutt beobachten. Gläichzäiteg gëtt erfuerscht, wéi eng Afléss verschidde Baumoossnamen an den Däller hunn a wéi de Mënsch sech virun Héichwaasser schütze kann. Mat dobäi ass en Hydrolog vum Waasserwirtschaftsamt.


© Jos Nerancic

**15.10.2022**
**Beefort**

14:00-18:00
gratis

LU DE FR

## Hierschtkichen aus dem Gaart

Mir feieren de gëllenen Hierscht a pläcken Äppel, Bieren a Kürbissen am romantesche Bongert vum Hazelnut House. Am Haus knistert d'Feier schonn am Sandsteekamäin. Zesumme kache mir e leckeren 3-Gäng Hierschtmenü a genéissen den um groussen Dësch.


© Hazelnut House

**15.10.2022**
**Hazelnut House**
**Giischterklaus**


10:30-15:30
290 €

DE

**Umeldungen:** +352 621 474 947 oder welcome@hazelnut-house.com

## Geoheritage Day um Geosite Hëlt

Opgrond vun hirer besonnescher Geologie ass d'Hëlt de Geosite vum Joer 2022! Bei enger gefeierter Wanderung gëtt d'Geschicht vun dëser spannender Plaz erkläert.



© NGPM/Caroline Martin

**16.10.2022**
**Rouspert**

14:00-17:00
gratis
**matbréngen: fest Schong**

LU DE

## Drénkwaasserwanderung

De lëtzebuerger Sandsteen ass dee wichtegsten Drénkwaasserspäicher am Mëllerdall. Op dëser Wanderung ginn d'Entstehung vun de Fielsen an d'Notzung an de Schutz vum Grondwaasser thematiséiert. D'Rachel Krier vum Natur- & Geopark Mëllerdall hëlt iech mat op dësen Tour an d'Gemeng Noumer.



© NGPM/HalldoraRagnarsdottir

**19.11.2022**
**Noumer**

10:00-13:00
5 €
**matbréngen: fest Schong, ugepasste Kleeder**

LU DE

## Insektefrëndlech Gaardegestaltung: Wëllstauden

Vill Wëllbeien hunn nëmmen e klengen Aktiounsradius an an dem musse Méiglechkeete fir Fortplanzung, Fudder an och Nistmaterial existéieren. An engem anere Workshop hu mir schonn e Sandarium an e Lesesteinhaufen ugeluecht, dofir gëtt dës Kéier zesummen eng Wëllstaudeplanzung als Nahrungsquell ugeluecht.



© NGPM/Caroline Martin

**29.10.2022**
**Beefort**

9:00-16:00
10 €
**matbréngen: fest Schong oder Sécherheetsschong, Picknick**

LU DE

## Vum Lieder zum Rimm / zum Portmonni

Liederverarbechtung ass en uralt Handwierk wat ëmmer méi rar gëtt. Wann dir och schonn ëmmer wollt selwer am Lieder schaffen, dann ass dëse Cours genau dat richtegt. Hei kënnt dir ënner professioneller Leedung selwer e Rimm oder e Portmonni hierstellen den dir natierlech nom Cours mat heem huele kënnt.



© Philippe Fettes

**7.1. oder 14.1.2023**
**Hierber**

13:30-17:00
75 €

LU DE FR

## Kränz bannen

Wëllkomm am feierlechen Hazelnut House! Zesumme stëmme mir eis am Kranzatelier op den Advent an, bannen e besonnesche Kranz fir un d'Diir aus Naturmaterialien a genéissen eng stëmmungsvoll Teatime viirum Kamäin. Benotzt gi schéin Äscht, auserwielten Dännenäscht an Zapfen.



© Hazelnut House

**18.11.2022**
**19.11.2022**
**Hazelnut House**
**Giischterklaus**

18:00-21:00
10:00-13:00
194 €

DE ♿

**Umeldungen:** +352 621 474 947 oder welcome@hazelnut-house.com

## Vum Bam zum Briet

Bei engem Trëppeltour mat de Fierschteren Marc Hoffmann a Fränk Adam gitt dir alles iwwer d'Bewirtschaftung vun eise Bëscher gewuer. Hei sicht dir och zesumme mat hinnen e Bam eraus, dee vu professionelle Bëschaarbechter geha a geréckt gëtt. Am Nomëtte gitt dir an d'Seeërei Scholtes a léiert de Betrib kennen, den aus Beem Brieder schneit.



© NGPM/Elina Zepp

**21.1.2023**
**Beefort & Manternach**


9:00-16:00
5 €
**matbréngen: fest Schong, ugepasste Kleeder**

Naturpark
Mëllerdall
Geopark



# Natur- & Geopark Mëllerdall Expo

Déi interaktiv Ausstellung an der aler Jugendherberg zu Beefort informéiert iwwer d'Entstehung vun der Landschaft aus der Regioun Mëllerdall an hirem eenzegaartegen Natur- & Kulturiewen.


© NGPM/Caroline Martin

gratis Entrée
6, rue de l'Auberge zu Beefort

**Méindes bis Sonndes 10:00-17:00**

**www.geopark-mellerdall.lu**

**naturparkmellerdall** **naturpark.lu** **Naturparke Luxemburg**

Naturpark
Mëllerdall
Geopark



© NGPM/Claudine Bosseler

# UNESCO Global Geopark

Zanter Abrëll 2022 ass den Natur- & Geopark Mëllerdall offiziell Member am internationalen Netzwierk vun den UNESCO Global Geoparks. Et mecht eis immens houfreg ze gesinn, datt all eis Beméiungen sech gelount hunn an datt eis Regioun et derwäert ass een UNESCO Global Geopark ze sinn.

Bei dëser Geleeënheet wëlle mir nach eemol alleguer eise Partner an Ënnerstëtzer ee grousse MERCI soen, well dësen Dram konnt just duerch Zesummenaarbecht op regionalem, nationalem an internationalen Niveau zur Realitéit ginn.

Mat eis si 7 wieder Regiounen an dat internationaalt Netzwierk vun den UNESCO Global Geoparks opgeholl ginn. Esou besteet d'Netzwierk elo aus 177 Memberen aus 46 Länner.

unesco
Global Geopark

**www.geopark-mellerdall.lu**

**naturparkmellerdall** **naturpark.lu** **Naturparke Luxemburg**

## Kierfméchercours

D'Mënschen hu scho viru Joerdausende Kierf hiergestallt. An dësem Cours gitt dir vum Gabi Jacqué gewuer, wéi dat geet a maacht selwer e Kuerf. Donieft kënnt dir och nach vill iwwer d'Geschicht vun der Kierfmécherei léieren.



© NGPM/Claude Petit

**21.+22.1.2023**
**Hemstel**

9:00-16:00
135 €
ab 16 Joer
**matbréngen: Secateur, Täschemesser, klengen Hummer, Picknick**

LU DE ♿

## Praffcours

Copy-Paste am Bongert? Jo dat geet! An dësem Cours weisen d'Profis iech, wéi een en Uebstbam richteg praft („veredelt"). Nom Cours kënnt dir dräi selwer gepraffte Beem mat heem huelen!



© NGPM/Anna Voelske

**17.2.2023**
**Bäertréf**

18:30-21:30
20 €
ab 12 Joer
**matbréngen: Praffmesser**

LU DE

## Wëllbeien hëllefen: Insektenhotel

Bei kaaften Insektenhoteller ass sou munches dobäi dat fir Wëllbeie keen Notzen huet. Zesumme bastele mir Nisthilfen déi speziell un hier Bedierfnisser ugepasst sinn an dir léiert, wéi dir bestoend Nisthilfen ausbessere kënnt. Dobäi ginn et et Rëtsch Tipps wat ee soss am Gaart an um Balcon ka maache fir den Insekten ze hëllefen.



© Pixabay

**18.2.2023**
**Beefort**

14:00-17:00
10 €
**matbréngen: Picknick**

LU DE

## Prehistoresch Artefakten

Unhand vu Beispiller aus dem Mëllerdall léiert dir prehistoresch Steenartefakte richteg ze erkennen, ze bestëmmen an zäitlech an di mënschlech Urgeschicht anzeuerdnen. Dobäi gitt dir och gewuer, wéi ee sech soll verhale wann een esou eppes fënnt fir dass et och ka richteg dokumentéiert a geschützt ginn.



© NGPM

**18.2.2023**
**Waldbëlleg**

10:00-17:00
gratis
ab 15 Joer
**matbréngen: Bläistëeft, Blieder, Picknick**

LU DE FR ♿

## Uebstbamschnëtt: al Beem

Fir dass är al Uebstbeem gesond bleiwen a weiderhi vill gutt Uebst droen, musse se reegelméisseg geschnidde ginn. Wéi een dat richteg mécht, weist iech de Marc Thiel vum SIAS an dësem Cours.



© NGPM/Caroline Martin

**18.2.2023**
**Bech**

13:30-17:00
5 €

LU DE

## Naturcoach & Kräuterpädagoge

Wëllt dir alles iwwer eenheemesch Kraider a Planze léieren an äert Wëssen anere viruginn? D'Gundermannschule bitt zwee zertifiéiert Course fir „Kraiderpedagog" an „Naturcoach" un. Hei gidd dir villes iwwer eis Planzewelt, traditionellt Kraiderwëssen, wëssenschaftlech Erkenntnisser an ökologesch Zesummenhäng gewuer.



© Gundermannschule

**Ab Mäerz 2023**
**Beefort**

**Umeldung:**
www.gundermannschule.de

## Motorseecours

De Marc Hermes vum CNFPC weist an dësem Cours, wéi ee richteg a virun allem sécher mat enger Motorsee ëmgeet. Fir d'éischt gëtt eng theoretesch Aféierung gemaach an duerno kënnt dir de prakteschen Ëmgang mat der Motorsee üben. Wien eng eege Motorsee huet, kann déi roueg matbréngen.


© NGPM/Anna Voelske

**4.3.2023**
**Marscherwald**

8:30 - 16:30
75 €
ab 18 Joer
**matbréngen: Sécherheetskleeder (Wieder Detailer kritt Dir bei der Umeldung!), Picknick**

## Somefestival

Op dësem Dag dréit sech am Generatiounsgaart zu Beefort alles ëm Somen! Hei kënnt dir somefeste Biosom a Planze vu verschiddene Produzente kafen. Dir kënnt awer och gären äre selwer gesammelte Som matbréngen an tauschen. Donieft sinn och eng Rëtsch Ateliere fir Grouss a Kleng a fir lessen a Gedrénks ass natierlech och gesuergt.



© Annick Feipel

**11.3.2023**
**Generatiounsgaart Beefort**

gratis

**Wieder Detailer:** facebook.com/GeneratiounsgaartBeefort

## Uebstbamschnëtt: jonk Beem

Fir dass en Uebstbam eng Kéier richteg schéi gëtt an och vill Friichten dréit, muss ee mat Zäiten ufänken en ze schneiden. Wéi een dat richteg mécht an nach villes méi gitt dir am Gemeinschaftsgaart zu Schrondweiler vum Claude Petit vum Natur- & Geopark gewuer.


© NGPM/Caroline Martin

**18.3.2023**
**Schrondweiler**

9:00-12:00
5 €

LU DE

## Insektefrëndlech Gaardegestaltung: Wëllblummewiss

Zesumme mat iech séie mir eng Wëllblummewiss un a ginn iech Tipps fir eng naturno Gaardegestaltung vun deeër d'Insekte richteg profitéiere kënnen.


© NGPM/Maurice Schilling

**1.4.2023**
**Beefort**

13:00-17:00
10 €
**matbréngen: fest Schong**

LU DE

## Geologesch Rollstullwanderung

De ronn 1 km laange, flaache Wee féiert bis bei den Aussiichtspunkt Ruetsbesch bei de Bord vum Sandsteenplateau, wou een iwwer den Dall vun der schwaarzer Iernz ka bis op Beefort kucken. Ënnerwee gëtt et Erklärungen zum geologeschen a kulturellen Ierwe vun der Regioun. D'Gefäll vum Wee ass max. 7%/4° an et sinn eng behënnertegerecht Toilette a Parkplazen do.


© NGPM/Caroline Martin

**22.4.2023**
**Bäertrëf**

14:00-15:30
5 €

LU DE

## Drénkwaasserwanderung

De lëtzebuerger Sandsteen ass dee wichtegsten Drénkwaasserspäicher am Mëllerdall. Op dëser Wanderung ginn d'Entstehung vun de Fielsen an d'Notzung an de Schutz vum Grondwaasser thematiséiert. D'Rachel Krier vum Natur- & Geopark Mëllerdall an den Tom Schaul vum Ministär fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung huelen iech mat op dësen Tour laanscht d'Mëllerdaller Fielsen.


© NGPM/HalldoraRagnarsdottir


**23.4.2023**
**Mëllerdall**

14:00-17:30
5 €
**matbréngen: fest Schong, ugepasste Kleeder**

LU DE

## Dréppendegustatioun

Am Natur- & Geopark Mëllerdall gëtt et eng grouss Diversitéit an de Bongerten an dofir och am Dréppeglas! An der Brennerei vun der Angsber Drëpp kënnt dir zesumme mam Dréppesommelier Paul Thill eis regional Dréppe schmaachen a léieren op wat et ukënnt. Donieft gitt dir och gewuer wéi d'Drëpp vum Bam an d'Glas kënnt.



© Joé Wirtz

**28.4.2023**
**Angelsbierg**

19:00-21:30
42 €
ab 18 Joer

LU

## Kraiderwanderung & Verköstegung

Mir musse guer net wäit goe fir wäertvoll an heelsam Kraider ze fannen: et fënnt ee se nieft de Spadséierweeër, virun der Hausdier oder am Gaart. Loosst iech vun der Kraiderpedagogin Viviane Haupert duerch d'Welt vun de Wëllkraider ze féieren. No der Féierung ginn déi gesammelt Kraider verschafft a geschmaacht.



© NGPM/Anna Voelske

**29.4.2023**
**Beefort**

14:00-16:30
30 € (Kanner bis 12 Joer gratis)
**matbréngen: fest Schong, Kuerf, Schéier, Läffel, Messer, Schneidbriet, Schossel**

LU

## Iesel- & Gierschwanderung

Mat den Ieselen Schakkeline, Pablo & Co. an ënnerstëtzt vun zwou Déierepädagoginnen wandere mir duerch de Beeforter Bësch. Op der Sich no Giersch gëtt et Erklärungen vun der Kraiderpedagogin. Ënnerwee maache mir eng kleng Paus fir ee gemittleche Picknick. Zum Schluss gëtt et eng kleng Gierschiwwerraschung. Fir Famillje mat Kanner ab 6 Joer.



© Alex Trentin

**13.5.2023**
**Beefort**

10:00-13:00
20 €/Kand – 40 €/Erwuessenen
ab 6 Joer
**matbréngen: fest Schong, ugepasste Kleeder, Picknick**

LU



## Barrierefräi Kraiderwanderung & Verköstegung

Mir musse guer net wäit goe fir wäertvoll an heelsam Kraider ze fannen: et fënnt ee se nieft de Spadséierweeër, virun der Hausdier oder am Gaart. Loosst iech vun der Kraiderpedagogin Viviane Haupert duerch d'Welt vun de Wëllkraider ze féieren. No der Féierung ginn déi gesammelt Kraider geschmaacht.



© NGPM/Anna Voelske

**13.5.2023**
**Iechternacher Séi**

14:00-16:30
30 €, Begleetpersoun gratis

LU

## Fréijoers-Téizäit fir Mammen an Duechteren

Op dësem Nomëtteg feiere mir d'Fréijoer an ëmginn eis mat der Schéinheet vun der Natur! Zesumme sammele mir iessbar Blummen, baken herrlech Leckereien a genéissen eng romantesch Téizäit mat Mammen an Duechteren ënnert de bléiende Beem vum Hazelnut House.



© Pixabay

**14.5.2023**
**Hazelnut House**
**Giischterklaus**

13:30-16:30
194 €
**matbréngen: romantesch Kleeder**

DE

**Umeldungen:** +352 621 474 947 oder welcome@hazelnut-house.com

## WOCH VUM NATUR- & GEOPARK MËLLERDALL

Vum 22. bis den 28. Mee ass am Mëllerdall d'Woch vum Natur- & Geopark. Hei fannen eng Rëtsch Aktivitéite statt, déi sech all em d'Themen Nohaltegkeet, liewege Patrimoine, an eist geologescht, natierlecht a kulturellt Ierwen dréinen.

Den Detail vun der Programmatioun a ganz vill weider Informatiounen iwwer eis flott Regioun fannt dir op eisem Internetsite.

Mir wënsche vill Freed beim Entdecken!



© NGPM/Caroline Martin

**22.-28.5.2023**

## Wäindegustatioun am Wéngert

Besicht déi eenzegaarteg Wéngerte vu Rouspert op der Hélt. Bei enger kuerzer Visitt iwwer d'Hélt ginn et Erklärungen zum biologesche Wäibau. All Fläsch Wäin dréit zum Naturschutz an zum Erhalt vun eiser Kulturlandschaft bei. Uschléissend fënnt eng Wäindegustatioun statt.


© NGPM/Anna Voelske

**4.6.2023**
**Rouspert**

15:00-17:00
5 €
ab 18 Joer

LU

## Uebstbamschnëtt: Spaléierbeem

Fir vill a schéint Uebst ze kréie, mussen och Spaléierbeem reegelméisseg richteg geschnidde ginn. Wéi dat geet weist iech de Marc Thiel vum SIAS an dësem Cours.


© NGPM

**12.7.2023**
**Angelsbierg**

14:00-16:00
5 €

LU DE

## Kraiderwanderung & Kraideresseg

Bei dëser Féierung entdeckt dir mat der Kraiderpedagogin Viviane Haupert dat alt Wëssen ëm eis Wëllkraider nei. Hei léiert dir eis heemesch Kraider mat alle Sënner genéissen. No der Féierung setzt dir e Kraideresseg un a gitt gewuer op wat ee muss oppassen.


© Viviane Haupert

**10.6.2023**
**Beefort**

14:00-17:00
35 €
**matbréngen: fest Schong, Kuerf, Schéier**

LU

## kulinaresche Summerowend

An dësem Kachcours gëtt de Summer gefeiert! No engem Apero gi mir Geméis an de Gaart pläcken, kachen zesummen an der Kachschoul vum Hazelnut House e richteg gudden Owesmenü aus summerlechen Zutaten a genéissen d'Iessen um grousse, festleche Summerdësch am Gaart.


© Hazelnut House

**15.7.2023**
**Hazelnut House**
**Giischterklaus**

17:30-22:30
290 €

DE ♿

**Umeldungen:** +352 621 474 947 oder welcome@hazelnut-house.com

## Mittsommer am Hazelnut House

Wëllkomm beim Mittsommerfest am Hazelnut House. Mir treffen eis wäiss gekleet am romantesche Rousecafé, bannen zesumme Kränz aus Wiseblummen, ernten am Gaart, genéissen e Kachatelier mat der Kachbuchautorin Theresa Baumgärtner an iessen um festlech gedeckten Dësch op der Wiss.


© Pixabay

**24.6.2023**
**Hazelnut House**
**Giischterklaus**

15:00-23:00
349 €
**matbréngen: romantesch Kleeder**

DE ♿

**Umeldungen:** +352 621 474 947 oder welcome@hazelnut-house.com


© NGPM/Elisabeth Medinger

# Kannereck



## Naturrallye op der Hëlt

Kommt mat op d'„Insel": op der Hëlt bei Rouspert wäerte mir vill Beobachtungen an der Natur maachen (Steng, Buedem a Planzen) a mir wäerte gesinn, wéi de Mënsch d'Landschaft notzt. Opgepasst: Kanner mussen a Begleedung sinn!



© NGPM/Caroline Martin

**16.10.2022**
**Rouspert**

9:30 - 13:00
5 €

LU DE

## Liichten am Bësch

Am Bësch bastelt dir mat de Fierschtere Joé Mensen an David Farinon e Lampion an duerno gitt dir an de Bësch liichten. Loosst iech iwwerrasche vun der spannender Atmosphär vum Bësch am Däischteren!

Nom Liichte gëtt et eng Klengegkeet z'iessen.



© NGPM

**3.2.2023**
**Marscherwald**

18:00-20:00
5 €
**matbréngen: fest Schong, ugepasste Kleeder**

LU

## Naturrallye an der Haupeschbaach

Am Dall vun der Haupeschbaach wäerte mir vill Beobachtungen an der Natur maachen (Steng, Buedem a Planzen) a mir wäerte gesinn, wéi de Mënsch d'Landschaft notzt. Opgepasst: Kanner mussen a Begleedung sinn!



© NGPM/Caroline Martin

**27.5.2023**
**Beefort**

14:00 - 17:30
5 €

LU DE

# Merci!

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Administration de la nature et des forêts
Arrondissement centre-est

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire
Département de l'aménagement du territoire

D'Naturparken zu Lëtzebuerg ... een Insekteräich

Natura 2000 COPIL Mellerdall · natur&ëmwelt · Kraiderzenter · Hazelnut House · Plan architecture & paysage · Société Préhistorique Luxembourgeoise · Alex Trentin · Luxembourg Youth Hostels · nfpc ettelbruck · Schleeffhäffchen · Roeder · SIAS · Microlarians · Bois Scholtes · Atout Cuir Guy Martine

PRINTED IN LUXEMBOURG · www.kacom.lu

Sie finden alle Informationen auf deutsch auf unserer Internetseite.
Vous trouverez toutes les informations en français sur notre site web.
You can find all the information in english on our website.

**www.naturpark-mellerdall.lu**

Naturpark Mëllerdall Geopark



© NGPM/Caroline Martin

unesco Global Geopark

## Geosite vum Joer 2022: Hëlt

Bei Rouspert fléisst d'Sauer an engem enke Bou ronderëm d'*Hëlt*. Ee Kanal, deen der Energiegewënnung déngt, mecht d'*Hëlt* zu enger Insel. Zanter enger Millioun Joer gruewt sech d'Ënnersauer duerch d'Dolomit-, Mergel- a Sandsteenschichten vum Muschelkalk. Am Bësch um Nordwesthang huet ee groussen Äerdrutsch ee wëllt Relief geschaf. E reescht bis an d'Dolomitwand op der Héicht, wou den Erzielungen no an enger Spléck d'*Kimmfräche* wunne soll. Aus Dolomitsteng bestinn och d'Dréchemaueren op der südlecher Säit vun der *Hëlt* wou Wäibau bedriwwe gëtt. Op den ugrenzenden Dréchewisen wuesse wonnerschéi wëll Orchideeën.

Weider Geositten op **www.geopark-mellerdall.lu**

## Entdeckt d'Hëlt iwwer den neie Geo-Pad!

Dëse Léierpad mat 11 Infotafele féiert op 4 km iwwer d'*Hëlt*. De Wee ass mat enger fossiller Auster (*Däiwelskrall*) gezeechent; si erënnert drun, dass eist Gestengs viru laanger Zäit am Mier entstanen ass. Néirens an der Regioun gesäit een esou vill landschaftlech Géigesätz. Dofir ass den Tour ganz ofwiesslungsräich an deels schwéier.
En ass och net fir Poussette gëeegent.

**www.geopark-mellerdall.lu**

naturparkmellerdall | naturpark.lu | Naturparke Luxemburg